Kontakt mat den Elteren

Allgemenges:

Fir jiddereen, de mat Kanner oder Jugendleche schafft, sief et an der Schoul oder an der Fräizäit, as e gudde Kontakt mat den Elteren wichteg an nëtzlech:

- De Chef/taine as vis-à-vis vun den Elteren verantwortlech fir d'Wuel vun de Kanner.
- D'Eltere vertrauen hir Kanner léiwer enger Organisatioun un, wann si den Animateur, Chef/taine perséinlech kennen.
- D'Eltere brauche verschidde praktesch Informatiounen iwwer déi Aktivitéiten, déi hir Kanner wëlle matmaachen. D'Datumen vu gréisseren Aktivitéiten sollen den Elteren ganz laang am viraus matgedeelt gin. Munech Elteren intresséieren sech och fir d'Programmer, d'Ziler an d'Methode vun eiser Organisatioun.
- Fir gréisser Aktivitéiten (z.B. e Ccamp) brauch de Chef/taine eng schréftlech Erlabnis resp. Umeldung vun den Elteren, grad ewéi e puer medizinesch Informatiounen (Fiche médicale). D'Elteren opklären firwat ët wichteg as d'Fiche médicale am Détail auszefëllen.
- Am perséinleche Kontakt mat den Eltere kritt de Chef/taine eng Partie zousätzlech Informatiounen, déi him erlaben, d'Kand besser ze verstoen. Esou kënne Problemer wat guer keng Problemer sin aus der Welt geschaff gin.
- D'Eltere kënne wärtvoll Virschléi maachen, däerfen sech awer nët an d'Leegund vum Grupp amëschen.

D'Wichtegkeet vun der Elterenaarbecht as verschidden. Op ët sech ëm Kanner oder Jugendlecher, ëm valider oder ëm behënnerter handelt, ob een d'Kanner d'ganzt Joer duerch betreit oder nëmme bei enger punktueller Gelëenheet.

Meeschtens hu ganz jonk Chef/tainen et méi schwéier, d'Vertrauen vun den Elteren ze gewannen, wéi eeler Kolleg/inne, déi scho selwer eng Famill hun.

An dësem Dokument beliichte mer verschidde Méiglechkeete fir de Kontakt mat den Elteren ze flegen.
Bei den LGS si verschidde Saachen villäicht slebstverständlech déi d'Elteren awwer nët als selbstverständlech ugesinn.

Besuch bei den Elteren

Et as bestëmmt déi wiirksaamst, awer och déi zäitopwennegst Manéier. Et freet ee sech bei den Elteren e Rendez-vous a geet emol owes bei se heem, am beschte bei enger bestëmmter Gelëenheet, wéi z.B.:

- D'Kand as nei an de Grupp komm.
- D'Cotisatioun gët opgehuef. – Erklärung un d'Elteren wat am Betrag vun der Cotisatioun abegraff as.
- Den neie Joresprogramm gët virgestallt.
- D'Eltere gi gebraucht fir e bestëmmten Déngscht.
- Evtl. éischt Problemer mam Kand (h
- Evtl. éischt Problemer mam Kand (hyperaktiv)

Wéi kann esou e Besuch verlafen?

- De Chef/taine stellt sech vir (Familjestand a Beruff si wichteg). Wichteg as ët awwer och dass de Chef/taine e gudden Androck op d'Eltere mecht.

- Hie/Si schwätzt iwwer hiirt Kand. De Chef/taine léisst se roueg schwätzen; nëmmen wann d'Elteren nët méi wieder wëssen, stellt hien/si eng Fro. (Z.B. Wéi geet ët dem Kand an der Schoul? Wéi gefällt ët him an eisem Grupp? Wat sin seng Hobby'en? Wat mecht ët a senger Fräizäit? .....)
- De Chef/taine informéiert iwwer d'Aktivitéiten an d'Servicer vum Grupp resp. Verband (z.B. Ouvertureszäiten vum LGS-Shop resp. Büroen) an äntwert op den Elteren hir Froen. E puer Fotoën kënnen d'Gespréich oplockeren an animéieren. Eierlech sin bei Aussoën iwwer dem Kand säi Verhalen, an nët jugéieren!
- Wat am Grupp ausser de Versammlungen, Sortien, WE an Camp'en nach leeft. Biber-Wëllef-Ralley, Theater, Kiirmes, Krëschtaktiou, Ouschteréeraktioun .....
- Informéiert iwwert de lokale Grupp, z.B. dat ët och Frënn vun den LGS gët, Erklärung vun de Chargen vun de Frënn.
- Fro un d'Elteren op si evtl. och schon an den LGS waren.

Bei dësem Gespréich fënnt de Chef/taine och vläicht eraus, wéi dës Eltere kënnen dem Grupp praktesch hëllefen.

Elterenowend

Hei kënnen d'Chef/tainen op ee Coup eng Partie Eltere flüchteg kenneléieren oder de Kontakt mat hinnen ënnerhalen. Et as eng Méiglechkeet wou och Eltere sech géigesäiteg kënne begéinen, a wou Froë vun allgemengem Intressi kënne gestallt gin. En Elterenowend as ubruecht fir Informatiounen iwwer eng gréisser Aktivitéit z.B. e Camp weiderzegin.

En Elterenowend brauch eng gewësse Virberedung:

- en Datum fixéieren (op aner Manifdestatiounen am Duerf oppassen)
- e Sall reservéieren
- d'Ziler an den Oflaf vum Owend festleën
- d'Invitatioun fréi genuch verschécken (evtl. op verschidde Sproochen)
- déi eenzel Programmpunkten am Detail virbereden an evtl. ausprobéieren
- attraktiv a spasseg Nummere virgesin, z.B. Diashow, Sketcher, Musek, Lidder, Kuch a Gedrénks
- de Sall amenagéieren, eventuell dekoréieren an hëtzen
- am viraus ofmaachen, wien herno raumt a botzt.

E puer Iddië fir den Oflaf vum Owend:

- Wann d'Kanner selwer eppes opféieren, si verschidden Eltere méi motivéiert fir ze kommen
- Virum Camp as et flott, e puer Diaë vun der Campplaz ze weisen.
- Déi nei Elteren herzlech wëllkomm heeschen. Si fillen sech doduech vill méi ageschloss.
- Kurz Rieden halen; Detailer evtl. visuell duerstellen. – Plakat, Fotoen , Schema, Overheadprojektioun, Landkaart ...
- D'Eltere solle Geleënheet hu fir Froën ze stellen. Dobäi kënnt et gär vir, datt eng Persoun déi ganz Zäit fir sech an anspruch hëllt. Da kann de Chef/taine dem betreffenden e Privatgespréich no der Versammlung ubidden oder e Besuch bei him ofmaachen. Dest gëllt evtl. och fir Elteren déi sech de ganzen Owend nët zu Wuert gemellt hun,Och hei mat hinnen Kontakt ophuelen.
- Den Owend soll nët méi wéi zwou Stonnen daueren.
- Ët soll den Elteren Zäit bleiwen fir ënnereneen Ideeen oder Virschléi auszetauschen.

- Déi Elteren, déi nët do sin, kréien dat wichtegst op eng aner Manéier matgedeelt

Elterendag um Camp

Vill Gruppen hu gutt Erfahrunge gemaach mat engem Elterendag um leschten Dag vum Camp. Dat huet e puer Virdeler:

- Et kann een den Elteren Resultater vum Camp weisen an Erliefnësser erzielen.
- D'Erliefnësser vum ganze Camp liwwere vill Matière fir Gespréicher mat den Elteren. D'Vertrauensbasis as méi grouss wéi bei kuerzen Aktivitéiten doheem.
- Den Ofschloss vum Camp kritt méi Bedeitung; d'Spannungskurv geet zum Schluss nach emol erop.
- D'Eltere kënnen hir Kanner zum Schluss mat heem huelen; domatt as en Transportproblem geléist an d'Gefor ausgeschloss, datt Kanner am Laf vum Camp mat hiren Elteren heem gin.

Den Oflaf vum Elterendag hänkt vu villen Ëmstänn of. Hei nëmmen e puer Denkustéiss:

- Eng Visite vum Camp; Ausstellung vun Atelier'en an Aktivitéiten
- Campkiirmes
- Rallye mat Elterenéquipen a Kanneréquipen, oder gemëscht.
- Gemeinsam Trapperkichen
- Spillnomëtteg, „New Games" - Olympiad.
- Thema vum Camp presentéieren z.B. Zirkus, Olympiad, Astérix .....